N°2083
Entrée le 25.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2083 vum 13. Mäerz 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Goergen Marc iwwert "Application des articles 6 et 7 de la loi sur la protection de la nature dans la Vallée de la Mamer et de l'Eisch"**

**Wéi vill Demandë fir een Neibau oder eng Renovatioun, baséierend op den Artikele 6 a 7 vum Naturschutzgesetz, goufen zënter 2018 an der Vallée de la Mamer et de l'Eisch ugefrot? Wei vill vun dësen Demandë goufen accordéiert a wéi vill goufe refuséiert?**

Leider stinn der Naturverwaltung aktuell net déi néideg digital Moyenen zur Verfügung fir präzis op des Fro äntweren ze kënnen. *A toutes fins utiles,* sief awer hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 632 vum 17. Abrëll 2024 verwisen, déi eng allgemeng Iddi vun der Unzuel vun Refusen gëtt.

**Leien fir all déi Dossieren Impaktstudien vir? Falls jo, kann de Minister dës Etüden virleeën?**

Och dësen Tri kann aus technesche Grënn net gemaach ginn.

D'Artikelen 32 an 33 vum Naturschutzgesetz fuerderen net *d'office* eng Ëmweltverträglechkeetsetude wann e Projet an enger Natura 2000 Zone läit oder si impaktéiert. Dëst kënnt eréischt an enger zweeter Phase nodeems festgestallt gouf, dass signifikant Impakter net kënnen augeschloss ginn.

Dokumenter op deenen eng Decisioun berout kennen am Prinzip ugefrot ginn.

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit